# Wahlprüfsteine



Madame la Présidente,
Monsieur le Président,

Luxembourg

A l'approche des élections législatives du 14 octobre 2018, la FEDUSE-CG
CGFP prennent la respectueuse liberté de vous soumettre, en annexe à
questionnaire concernant l'enseignement fondamental et secondaire.

Nous vous serions très obligés si vous vouliez nous retourner le questio
La FEDUSE-CGFP et le SNE-CGFP se proposent de publier les réponses d
partis politiques par voie appropriée, soit en entier soit par extraits.

Dans l'espoir que vous voudriez réserver une suite favorable à notre
vous prions d'agréer, Madame la Présidente, Monsieur le Président, avec
remerciements anticipés, l'assurance de notre considération très distinguée

Raoul Scholtes
Président FEDUSE-CGFP

Patrick Remakel,
Président SNE-CGFP

*Annexes :*

- *Questionnaires*

FÉDUSE/CGFP : Fédération des Universitaires au Service de l'État/ 488, route de Longwy / L-1940 Luxembourg
www.feduse.lu / comite@feduse.lu

SNE / CGFP : Syndicat national des enseignants / 11-13, rue des Ardennes / L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
www.sne.lu / sne@sne.lu

# 2018 !


Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement

# Wahlprüfsteine 2018

Enseignement secondaire

**Féduse-Enseignement/CGFP**

## A) Prinzipiell

Wat ass mëttel- a laangfristeg är generell Visioun vum Enseignement, souwuel um politesche wéi um pedagogesche Plang?

## B) Schoul & Schüler

1. Wéi stitt dir zu der Autonomie vun de Schoulgebaier, besonnesch och bei der Gestioun vum Budget a vum Personal? Wëllt dir déi ausbauen, oder éischter aschränken?
2. Wa Schoule méi Autonomie vum Ministère kréien, mussen och déi lokal Schoulgemeinschafte méi Matsproocherechter kréien, als Corollaire. Wéi wëllt dir dat gestalten?
3. Duerch eng méi staark Autonomie, gëtt d'Schoullandschaft méi heterogen. Wéi wëllt dir sécherstellen, datt och an d'Zukunft en staarkt gemeinsamt „Réckgrat" an domat Chancëgläichheet op nationalem Niveau an der Educatioun erhale bleift?
4. Wat fir eng personell a materiell Moyen'en wëllt dir de Lycéeën zur Verfügung stellen, fir nei pedagogesch Konzepter kënnen z'entwéckelen a fir d'Aarbecht vun de Cellules de développement scolaire ze remuneréieren ?
5. Wéi gesitt dir d'Iddi, dem Direkter am Secondaire en Directeur technique/Administrateur zur Säit ze stellen, fir dem him méi Zäit fir d'pedagogesch Entwécklung vun der Schoul ze loossen?

6. Wat wëllt dir maache fir dem Problem vu permanent wuessender Respektlosegkeet, Verrohung a souguer Gewaltbereetschaft bäi de Schüler entgéintzekommen?

7. Wéi wëllt dir d'Besoinen vun de Schüler festleeë fir hinnen den Zougang zu der Beruffswelt a post-secondaire Studien ze erméiglechen?

8. Wéi gedenkt dir de Problem vum héijen Taux d'Echec unzegoen?

9. Wéi positionéiert dir iech par rapport zum Fait, datt just Lycéeën an engem groussen Anzuchsgebitt (z.B: Geesseknäppchen, Lampertsbierg, Esch) d'Méiglechkeet wäerten hunn substantiell aner Sektioune mat der Reform vun 2017 unzebidden, well déi aner, eenzel Lyceeën uerschter d'Land, och an Zukunft just kënnen déi klassesch Sektiounen ubidden, an domat am Verglach manner Attrait kënne generéieren.

10. Wat wëllt dir maachen, fir déi ongesond Entwécklung ze stoppen, an där ëffentlech Lycéeën ëmmer méi an eng deier an onsënneg Spiral vu Reklammen a PR-Aktioune gezwonge ginn, fir sech am Endeffekt just géigesäiteg Schüler ofzewerben? All dës Sue wiere besser an d'Schüler investéiert.

11. Sidd dir der Meenung, d'Schüler sollte méi Fräiheet hunn bei der Wiel vun deene Fächer, déi si am Kader vun hirer Spezialisatioun beleeë wëllen, sou wéi dëst an der Reform-Delvaux geplangt war? Falls net, firwat net?

12. Wéi gutt bréngt eis Schoul de Schüler bäi positiv Choix'en ze huelen, respektiv, wéi kann dës Kompetenzvermëttlung vun der Schoul gefërdert ginn?

13. Fann dir et gutt, d'Schüler ab der 7e an den Enseignement secondaire classique respektiv an den Enseignement secondaire général z'orientéieren, oder sidd dir fir en Tronc commun bis un d'Enn vun der Schoulflicht?

14. Wéi wëllt dir iech uleeën, fir potentiell geplangte Reforme mam Terrain ze koordinéieren an um Terrain ëmzesetzen ?

15. Sidd dir éischter fir eng Evaluatioun vun de Schüler mat Notten oder mat Kompetenzsockelen, resp. wat fir eng Kombinatioun géift dir proposéieren?

16. Fannt dir et problematesch datt et am ganzen Enseignement sou vill verschidden Evalutiounssystemer gëtt? Falls jo, wéi géift dir dat wëlle veränneren?

17. Sidd dir gewëllt de Régime technicien opzewäerten, sou dass een erëm allgemeng mat deem Diplom kann ouni Modules préparatoires op eng Héichschoul studéiere goen?

18. Wat fir eng Roll soll den Trilingualismus am Secondaire classique a général spillen? Sidd dir der Meenung, dass Däitsch, Franséisch an Englesch op héijem Niveau fir all Schüler sollen enseignéiert ginn?

19. Wat fir eng Roll soll d'Lëtzebuergesch an déi lëtzebuergesch Literatur am Secondaire classique a général spillen?

20. Sidd dir bereet iwwert d'Bewäertung vun den Dossiers de vacances ze diskutéieren, fir ze garantéieren, datt dës och vun der Schüler selwer produzéiert ginn?

21. Sidd dir fir d'Bäibehale vun der Triple Correction bei den Ofschlossexamen oder fir eng aner Variant?


FÉDUSE/CGFP : Fédération des Universitaires au Service de l'État/ 488, route de Longwy / L-1940 Luxembourg
www.feduse.lu / comite@feduse.lu

## C) Aarbechtsbedingunge vum Enseignant

1. Engagéiert dir iech, fir de Fall datt dir als Partei no de Wahlen fir d'Educatioun oder d'Fonction publique zoustänneg sidd, zu engem reellen a reegelméissegen Sozialdialog mat eis als representativer Gewerkschaft am Secondaire? Dat heescht, datt de respektive Minister selwer, sech och mindestens eemol pro Trimester, mat der FEDUSE/Enseignement trefft, zousätzlech zu den Entrevue mat de Ministerialbeamten.
2. Gesitt dir d'FEDUSE/Enseignement, sou wéi d'Statute vun der CGFP et virgesinn, als berechtegte Verhandlungspartner vun der CGFP un wann et em déi sektoriell Reformen a Froen am Enseignement Secondaire geet?
3. Sidd dir bereet, no de Reforme vun 2015 an 2018, déi zum Virdeel vun den Employéë waren, och d'Professeurs-Candidats sursitaires ze regulariséieren an d'Fonctionnairescarrièren am Secondaire substantiell ze verbesseren?
4. Sidd dir bereet ze garantéieren, datt d'Acquis sociaux, wéi z.B. Altersdechargen a Koeffizienter net beschnidde ginn?
5. Sidd dir bereet d'Reduktioun vu 25% op den Indemnitéite vun den Kommissiounen erëm réckgängeg ze maachen, resp. anescht ze kompenséieren?
6. Duerch d'Reform vum Cycle Inferieur am ESG geet d'Aarbechtsbelaaschtung vu verschiddenen Enseignante staark erop. Sidd Dir averstanen, fir dëser Méibelaaschtung duerch eng Erhéijung vum Koeffizient Rechnung ze droen?
7. Sidd dir bereet d'Gesetz iwwert d'Zäitspuerkonten esou duerchzebréngen, wéi et lo virläit, falls et net bis zum Enn vun dësem Parlament géif gestëmmt ginn?
8. Wéi wëllt dir eventuell zousätzlech d'Carrière vum Professer au vu vun der grousser Penurie erëm valoriséieren, besonnesch nodeems seng Tâche an deene leschte Joren däitlech méi grouss a méi komplex ginn ass a seng Responsabilitéiten ëmmer weider zougeholl hunn?
9. Sidd dir zefridde mam aktuelle Recrutementsverfahren vun den Professeren (Examen-concours)?
10. Sidd dir der Meenung, dass een just d'Savoirs disiplinaires beim Recrutement vun de Kandidate sollt berécksiichtegen, oder och déi pedagogesch Kompetenzen?
11. Sidd dir fir de Rekrutement vu Professeren, déi net déi dräi offiziell Landessproochen (Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch) beherrschen ?
12. Engagéiert dir iech en Faveur vum Fonctionnariat an der Educatioun a géint eng schläichend Aféierung vum Employésstatut, resp enger Privatiséierung?
13. Plangt dir en « Enseignant unique» fir den Enseignement fondamental, Secondaire classique a Secondaire général anzeféieren?
14. Wat fir e Profil sollt e Professer aus dem Secondaire classique a Secondaire général hunn (initial Formatioun, disciplinärt Wëssen, pedagogesch Ausbildung) ?
15. Ëmmer méi Schüler kréien op Grond vu besonneschen edukative Besoine ee sougenannten „Aménagement raisonnable“ accordéiert. Am Géigesaz zum EF gëtt et am ES allerdéngs keen Equivalent zu den „Instituteurs spécialisés“, déi sech ëm déi spezifesch Besoine vun dëse Schüler këmmeren. Den Enseignant am ES ass aktuell mat der Ëmsetzung vun deene verschiddenen Amenagementer op sech eleng gestallt, wat eng grouss Belaaschtung duerstellt. Wéi gedenkt Dir, dëse Problem ze léisen?


FÉDUSE/CGFP : Fédération des Universitaires au Service de l'État/ 488, route de Longwy / L-1940 Luxembourg
www.feduse.lu / comite@feduse.lu

FÉDUSE/CGFP : Fédération des Universitaires au Service de l'État/ 488, route de Longwy / L-1940 Luxembourg
www.feduse.lu / comite@feduse.lu